



lues awer sécher zum Schluss kommt. Ech hunn lech elo fënnef Minutte méi ginn. Ech wär awer elo frou, wann Der géift lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Wéi vill Minutte gitt Der mer?

► **M. le Président**.- Ma fuert emol virun. Dir hutt Der elo scho fënnef méi kritt. Ech mengen, mir hunn hei Riedezäiten, do muss awer jiddweree sech am Prinzip drun halen. Dir sidd elo e puermol ënnerbrach ginn, duerfir hunn ech lech och e puer Minutte méi ginn. Mä kuckt, datt Der awer elo lues awer sécher zum Schluss kommt.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Liest den Avis vun der Chambre de Commerce no. Do steet dait-lech dran, mir hätte gär, dass de Stat bezilt a mir hätte gär, dass de Stat derfir suergt, dass d'Post restrukturiéiert gëtt. An duerfir verstinn ech d'Gewerkschaften, dass si och wëllen hunn, dass de Stat bezilt, well se fäerten, dass se herno ënner Drock gesat ginn, dass herno ze vill séier an ze vill schlecht d'Posten ofgebaut gi bei der Post.

Ech soe just, ech versti si, mä ech deelen hir Meenung net, well ech effektiv der Meenung sinn, dass, wann elo Privatbetriber kommen, déi hei d'Korinthen akasséieren, déi hei Suen akasséieren, dass se och solle bezuelen. An déi Fro, déi mer hei gestallt gouf vun engem vun den Intervenanten, fir ze soen: „Wie bezilt dann elo a wie bezilt net?“ Do soen ech ganz einfach, wa vill Privatbetriber kommen an d'Korinthen erauspicken, dann ass den Defizit vum Betrib Post grouss. Mä da sinn der och vill do, déi dra bezuelen an den Defizit.

Wa mer awer eleng doduerch, dass mer deene Betriber soen: „Dir musst herno bezuelen.“, deenen emol e Rigel virschieben, dass déi elo nëmme kommen an an de Ballungsgebidd - d'Ballungsgebidd, dat ass de Süden, dat ass de Minett an dat ass d'Stad -, do Servicer ubidden, bei deem, dee fortschéckt, net bei deem, wou et ukënnt. Well, do wäert Der gesinn, dass e Betrib seet zu de Privatboiten: „Wann Dir wëllt bei eis kommen, da kritt Der vill méi bëlleg Är Post ausgedroen am Minett an an der Stad, mä wann Der gär Bréiwer am Norden hätt, da gi se méi deier.“ Wat mécht de Betrib? Ma e geet bei de Private fir de Minett a fir d'Stad an e geet bei d'Post fir deen am Norden an am Osten.

An duerfir, wa mer deene Betriber soen -, an duerfir sinn ech hei radikal géint den Avis vun der Chambre de Commerce a géint de Conseil de la concurrence -, wa mer deene soen: „Lauschtert, wann Dir nënnen d'Korinthen hei erauspickt, da musst Der matbezuelen.“, dann hu mer vläicht d'Chance, dass der manner kommen. Wann der manner d'Korinthen erauspicken, gëtt den Defizit fir de Betrib Post jo och manner grouss. An dat ass e bëssen d'Äntwert op déi Fro, déi verschidde Leit gestallt hunn.

► **Une voix**.- Do si mer eis eens.

► **M. le Président**.- Dir misst lues awer sécher elo wierklech zum Schluss kommen. Dir sidd elo iwwer siwe Minutten. Ech mengen, Dir hutt Zäit, fir...

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Ech wëll lech da soen,...

► **M. le Président**.- ...Är Konkusioun ze zéien.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Jo. De Problem ass, Här President, d'Deputéierten trieden op, stelle mer Froen, hätte gären eng Äntwert. An Dir gitt mer net d'Zäit, fir d'Äntwert ze ginn. Ech kann also keng Äntwert méi ginn...

(Interruptions diverses)

Ech kann also keng Äntwert méi ginn, déi ech gare ginn hätt, well ech hu se...

(Interruptions diverses)

► **Une voix**.- Dir hat awer elo laang genuch...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dir hutt Är Zäit benotzt, fir iwwert d'ADR ze schwätzen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Ech hunn d'ADR geleuft. Elo sidd och nach rosen dowéinst!

(Interruptions diverses)

► **M. le Président**.- Här Minister, kommt elo zum Schluss.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Ech hätt gären iwwert d'Expresspost geschwat, ech hätt gären iwwert d'Postbüro geschwat, ech hätt virun allem schrecklech gären iwwert de Kollektivvertrag geschwat an ech hätt och gären iwwer fënnef oder sechs Deeg geschwat. Ech wëll just

soen, dass ech kee Problem hunn, dass sechs Deeg fale gelooss ginn. Heiansdo muss ee Ballast loossen, fir dat ze kréien, wat ee gären hätt. A wat ech gären hätt, dat ass, dass déi Privatbetriber, déi d'Korinthen hei erauspicken, dass déi och bezuelen, an dass et net nëmme de Stat ass an de Steierzueler, déi musse bezuelen, fir dass d'Leit e gudden Déngscht gebuede kréien.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister. An domadder wär d'Diskussioun elo definitiv ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6160 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6160 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen géint eng Neen-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par Mme Nancy Arendt), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Ier mer elo un deen nächste Projet de loi kommen, ass hei nach eng Question urgente vum honorablen Här Ali Kaes iwwert d'Zuchlinn Elwen/Lëtzebuerg erakomm.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaahhh!

► **Une voix**.- ...misst nach d'Urgence erklären, Här President.

► **Une autre voix**.- Wou ass do d'Urgence?

► **M. le Président**.- Ech géif also den Här Kaes bieten, seng Fro ze stellen. Den Här Kaes erkläert lech elo d'Urgence.

► **Une voix**.- Mir fuere mat dem Zuch iwwert d'N7.

4. Question urgente n°2467 de M. Ali Kaes sur les perturbations sur la ligne Troisvierges-Luxembourg

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn u sech déi Fro gestallt, well ganz einfach mer bis elo eng gutt Woch haten, wou d'Temperaturen ënner Null gefall sinn an effektiv ass an där Woch direkt den éischten Zuch vun Elwen a Richtung Ettelbréck, Richtung Stad zweemol u sech net zu deenen normalen Horairé gefuer. Dat heescht, déi eng Kéier ass en iwwerhaapt net aus der Gare erauskomm, well en eng Pann hat zu Elwen. An déi zweete Kéier ass e just bis op Clief komm an du war et eriwuer. A wann...

(Interruptions diverses)

► **M. le Président**.- Ech bieten lech, dem Här Kaes nozelauschteren.

(Interruptions diverses)

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech weess souwisou net, wat et do ze laache gëtt. Ganz besonnesch...

► **Une voix**.- Här President, ech si gëschter mam Bus an d'Stad gefuer, deen hat dräi Minutte Verspéidung. Däerf ech och eng Question stellen? Et ass urgent, wann ech gelift.

(Hilarité)

► **M. le Président**.- Här Kaes, fuert elo virun.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech weess net, also déi Leit am Norden, déi deen Zuch huelen, déi fanne dat iwwerhaapt net lächerlech!

► **Une voix**.- Mir och net. Mir fannen eppes anescht lächerlech.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Grad déi gréng, déi jo fir den öffentlechen Transport sinn,...

(Interruptions diverses et hilarité)

...misste ganz speziell fir den öffentlechen Transport sinn, missten et guer net gutt fannen, wann ee sech net kann op den öffentlechen Transport verloossen. Wann een net zur Zäit op seng Aarbecht kënnt, wann een net zur Zäit a seng Schoul kënnt, wann een net zur Zäit an de Lycée kënnt, wann een net...

(Interruptions diverses)

► **M. le Président**.- Ech bieten lech, elo opmierksam ze sinn.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Wann een net op Dikrech zum Beispill an de Lycée kënnt, fir seng Prüfung ze schreiwen, dann ass dat...

(Interruptions diverses)

► **M. le Président**.- Här Kaes, stellt awer elo wann ech gelift Är Fro.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Jo.

► **M. le Président**.- Stellt elo Är Fro.

(Interruptions diverses)

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Här President, da musst Dir et vläicht awer och fäerdegréngen, datt endlech hei Rou ass, datt een normal ka seng Fro stellen. Ech wëll just soen, datt dat doten net normal ass an datt...

(Interruptions diverses)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Do si mer eis all eens!

► **M. le Président**.- Ech bieten lech, awer elo wierklech nozelauschteren. Stellt Är Fro an da kann de Minister drop äntweren, wann ech gelift.

► **Une voix**.- Ma, et ass dem Minister seng Schuld!

(Hilarité)

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech wëll just soen, datt grad an engem Moment, wou den öffentlechen Transport zweemol Sënn mécht, nämlech dann, wann d'Stroossen net onbedéngt gutt befuerbar sinn, datt, wann een da seet, ma elo huelen ech grad haut den Zuch, an doduerch ze spéit kënnt, dann ass dat einfach net gutt.

An duerfir froen ech, ob den Här Minister a Kenntnis vun där Situatioun ass, ob u sech eis Zich net de wanterleche Konditiounen ugepasst sinn, wat also d'Ursaache sinn, datt dauernd Pannen optrieden?

(Interruptions diverses)

A wat den Här Minister - Dir kritt mech net aus der Rou, Dir alleguerten net -, a wat den Här Minister gedenkt ze ënnerhuelen, fir datt och déi Bierger aus dem Norden, déi fréi mam éischten Zuch Richtung Ettelbréck a Richtung Stad fuere, fir datt déi sécher an zur Zäit op hirer Aarbecht respektiv an hirer Schoul ukommen?

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Elo kritt de Minister d'Wuert, fir drop ze äntweren.

(Interruptions diverses)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Et ass e Bus an eng Luucht gerannt...

► **Une voix**.- Ech hunn d'Urgence nach net verstanen, Här President.

► **Une autre voix**.- De Minister erkläert eis et jo elo.

► **M. le Président**.- De Minister äntwert elo op d'Fro vum Här Kaes.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. E puer Saache sinn zu där doter Fro ze soen.

Dat Éischt, dat ass selbstverständlech, wéi den Här Kaes seng Fro gestallt huet, hunn ech mech bei de CFL informéiert, wat dann d'Problemer wäeren, krut och relativ prezis Äntwerten. Op deem Datum, wou gefrot ginn ass, den 12. Dezember 2012, war effektiv eng vun deenen..., hu mer 14 Deeg no hanne gekuckt, fir ze gesinn, wat alles passéiert ass. Zwou Saache si passéiert. Et war eng Relatioun vun deene 84 Zirkulatiounen, déi moies während deene 14 Deeg gefuer sinn, déi suppriméiert ginn ass, also net konnt nom normalen Horaire fuere.

Firwat war déi Suppressioun do? Mä dat war, well en techneschen Défaut um Transformateur vun der Lokomotiv 3.002 den Zuch...

► **Plusieurs voix**.- Aaahhh!!!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Elo wësse mer alles.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Voilà!

...den Zuch RE 7.608 vu 5.41 Auer...

► **Une voix**.- Elo versti mer d'Urgence esou lues.

(Brouhaha et hilarité)

► **M. le Président**.- Da lauschtert och elo dem Minister no!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- 3.002, ma dann ass et urgent.

(Hilarité)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...well déi en techneschen Défaut um Transformateur hat. Dee Problem war also net, wéi elo hei gesot gouf oder wéi ee konnt gleewen, liéiert mat de Conditions hivernales, well et hat u sech näischt mam Wanter ze dinne. En hat just eng Pann, Wanter oder net Wanter.

(Brouhaha et hilarité)

Dat ass esou. Duerfir d'Äntwert op déi Fro an op d'Angscht vum Här Kaes, datt dat op der Nordstreck, wou awer d'Wanterkonditiounen méi grouss si wéi op anere Strecken, kéint méi oft virkommen, ass also net justifiéiert, well den Zuch just eng Pann hat an dat do net mat de wanterleche Konditiounen eppes ze dinne hat.

D'CFL hunn och a mengen Aen hei relativ gutt reagéiert, well de Personnel de bord an den Agent local vu Clief sinn informéiert ginn, hunn och de Persounen, déi dra waren, assistéiert an hunn och déi noutwendeg Moossname geholl, fir et an de Grëff ze kréie mat de Leit.

Do kann een effektiv elo driwwer laachen. Mä ech fannen, datt d'CFL do bei esou Fäll eng gutt Aarbecht maachen. Si si relativ schnell intervenéiert.

(Brouhaha général)

► **Une voix**.- De Problem sinn net d'CFL!

► **Une autre voix**.- Ausser zu Dikrech.

► **M. le Président**.- Ech bieten lech, nozelauschteren!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Da soen d'CFL och nach, datt se an Zukunft och de Personnel sédentaire, dat heescht déi Persounen, déi op deene Garé sinn, déi qualifizéiert sinn, fir d'Surveillance vun deene Maschinnen ze maachen, wäerte bäibehalen. Wann also aner Konditiounen sinn a Schwieregkeete sinn, datt se direkt kënnen agräifen.

Duerfir als Konkusioun wëll ech soen, datt d'Material vun de CFL duerchaus adaptéiert ass un déi do Froen an datt u sech ëmmer awer eenzel Pann kënne virkommen.

Des Weidere war nach de 7. Dezember 2012 een Zuch ëm 46 Minutte retardéiert. Dat war dat Eenzege, wat awer op där Streck dee Moment virkomm ass.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6388, eng Konventioun vum Conseil de l'Europe géint den Terrorismus. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et ass kee Riedner ageschriwwen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi...

► **Une voix**.- Den Här Urbany.

► **M. le Président**.- Den Här Urbany.

Da kritt also elo d'Wuert d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Christine Doerner.

5. 6388 - Projet de loi portant approbation de la Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention du terrorisme, signée à Varsovie, le 16 mai 2005, et modifiant

- le Code pénal;

- le Code d'instruction criminelle;

- la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;



- la loi modifiée du 11 avril 1985 portant approbation de la Convention sur la protection physique des matières nucléaires, ouverte à la signature à Vienne et à New York en date du 3 mars 1980; et

- la loi modifiée du 14 avril 1992 instituant un code disciplinaire et pénal pour la marine

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Christine Doerner** (CSV), *rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert d'Terrorismuspreventioun - och Warschauer Konventioun genannt - vun 2005 ergänzt ënner anerem d'Terrorismusbekämpfungskonventioun vun 1977.

Schonns an de 70er Joren hat ganz Westeuropa mat terroristesche Strukturen ze kämpfen. Wéi zum Beispill déi Katastroph vun der Münchener Olympiad, awer och d'Entféierung vun deem Vol vun der Lufthansa, dee vu Palma de Mallorca no Frankfurt wollt fléien an dee finalement zu Mogadischu gelant war.

Mir haten d'Entféierung vum Generalbundesanwalt Buback, dem President vun der Dresdner Bank Jürgen Ponto, dem Chef vun der däitscher Industrie Hanns Martin Schleyer, déi all leider ëmbruecht goufe vun der RAF, der Rouder Arméi Fraktioun, och d'Baader-Meinhof-Grupp genannt. De Schued a ganz Europa an deene Jore war a Milliardenhéicht, ouni déi Verletzten an Doudeg ze zielen.

De Schock vum 11. September 2001 huet verdäitlech, dass mir elo an enger Weltrisikogesellschaft liewen, an där de Stat sengen nationale Sécherheetsaufgaben nëmme kann nokommen, éischtens mat internationale Rechtsnormen a multilateraler Kooperatioun, zweetens mat innovativer Kriminalpreventioun, déi déi klassesch Strofrepressioun ergänzt, an drëtens dat Ganzt mat der richteger Balance tëschent Sécherheet a Fräiheet. Onnéideg Agrëffer an d'Grondfräiheete sinn ze vermeiden.

De Conseil de l'Europe, deem seng Konventioun mir haut sollen an d'Léislatioun ëmsetzen, ass säit de 70er Joren eng Autoritéit am Antiterrorberäich a gesäit sech als Partner vun der UNO bei der Ëmsetzung vun der globaler Antiterrorstrategie.

D'Haaptzil vun dëser Warschauer Konventioun ass, wierksam strategiesch Moosnamen ze treffen, fir den Terrorismus ze verhënneren. Den Text selwer vun der Konventioun gëtt keng Definition, keng direkt Definition. En definéiert indirekt den Acte terroriste, andeems e sech op sektoriell UNO-Konventiounen bezitt, déi iwwerengs enger Clause d'approbation anticipée ënnerleien.

De Conseil d'État gesäit hei keng verfassungsrechtlech Problemer, well et sinn allgemeng UNO-Konventiounen, déi sech spezifesch op den internationalen Terrorismus bezieen, wéi zum Beispill den Nuklearterror oder d'Sécherheet am Loftraum.

D'Konventioun gesäit eng dräideeleg Preventiounsstrategie vir. Fir d'Alleréischts ass et eng besser Kooperatioun duerch national an international Sécherheidsdéngschter, spontanen Informationsaustausch an d'Verbesserung vu Koordinatiounspläng am zivilen Noutfall.

Déi zweet Sail ass de Schutz vun de fundamentale Bierger- a Strofprouzessrechter. An déi drëtt Sail ass d'Ausenanersetzung, d'Verbesserung vun den Ursachen, aus deenen Terror entsteet kann, wéi zum Beispill den interkulturellen Dialog.

De Conseil d'État hat zu der Ëmsetzung vun dëser Konventioun weider keng Bemierkung. Mä d'Originalitéit vun dëser Konventioun läit an enger preventiver Approche. Duerfir verpflichtet sech Lëtzebuerg, d'Handlungen ze bestrofen, déi zwar keng Terrorakte sinn, mä zu terroristesche Strofdote féiere kéinten.

Konkret ginn elo, mat dësem Projet de loi, dräi nei Infractiounen an eise Code pénal agefouert, déi enk mat terroristeschen Aktivitéiten verbonne sinn an doranner bestinn, eventuell en Terrorakt virzebereeden. An dat sinn déi öffentlech Provokatioun, de Rekrutement an d'Ausbildung fir terroristesch Zwecker. Dës nei Strofdote fanen hir Plaz am Code pénal ënnert dem Kapitel Crimes contre la sûreté intérieure de l'État ënner den Artikelen 135-11, 12 an 13.

An domadder gëtt, niewent der Warschauer Konventioun, och d'Décision-cadre JAI vun 2008 ëmgëst, déi iwwert de Kampf géint den Terrorismus vun der EU schwätzt. Firwat ginn

déi zesummen ëmgëst? Well se d'Comportement vun der Provokatioun oder dem Rekrutement an dem Entrainement komplett d'nämlech oder similaire definéieren.

Dës dräi Infractiounen sinn autonom. Dat wëllt soen, si existéieren eegestänneg, och wann et net zu engem terroristeschen Akt kënnt. Domadder läit dës Gesetzesprojet an därselwechter Logik wéi d'Gesetz vum Oktober 2010 iwwert de Finanzement vum Terrorismus.

Well hei eng Strofbestëmmung agefouert gëtt, déi d'Virfeld vun enger geplangter Terrorstrofdot ofdeckt, ass et ganz wichteg, dass de Regime vun der Bewäisféierung kloer encaféiert gëtt. Dës nei Infractiounen mussen also zwou Konditiounen erfëllen: D'Handlung muss rechtswiddreg, dat wëllt soen illegal sinn an och virsätzlech, wëssentlech begaange ginn. Et gëtt keng Infractioun ouni de Wëllen, fir se ze begoen. Déi kriminell Intentioun spillt eng bedeitend Roll.

Wéi zum Beispill bei der Formatioun fir den Terrorismus muss de Parquet dräi Saachen, dräi Elementer beweisen: Éischtens, d'Terrorformatioun muss wëssentlech vermëttelt ginn; zweetens, den Destinataire vun der Formatioun muss de Wëllen hunn, eng Infractioun ze begoen, op där op d'mannst dräi Joer Prisongsstrof ass, an drëtens, de Formateur muss dat och gewosst hunn. D'Bewäisféierung ass eng essenziell Garantie, fir d'Abusen an d'Aschränkunge vu Grondfräiheeten ze verhënneren.

Contrairement zum Avis vum Conseil d'État huet d'Kommissioun och d'Tentatives vum Rekrutement an Entrainement zréckbehalen.

Op de Rot vum Conseil d'État hin ass den Artikel 315-11 iwwert d'Provokatioun nei libelléiert ginn. Si muss öffentlech sinn, selbstverständlech, mä d'Form vun der Publikatioun, der Verbreedung gëtt net an den Detail agefouert, wat europarechtskonform ass. An der Justizpraxis wäert ganz besonnesch d'Radikalisatioun op Internetplattformen eng wesentlech Roll spillen.

Här President, d'Virverlagerung vun der Strofbärkeet spillt och eng wichteg Roll am Blanchiment an an der Finanzéierung vum Terrorismus. Eng wierksam Antiterrorstrategie ass och, terroristesche Strukturen hir finanziell Grundlagen ze entzëien.

Ech erënneren drun, dass mir mam Gesetz vum Oktober 2010 iwwert de Kampf géint d'Geldwäsch an den Terrorfinanzement ganz nei Infractiounen an eise Code pénal agefouert hunn. Mä hei war nach Reguléierungsbedarf, an duerfir huet d'Regierung am November dëst Joer Amendementer zu dësem Projet gemaach. Si hunn d'Zil, der Recommandatioun 5 vum GAFI Rechnung ze droen, fir all Infractiounen vum Terrorismusfinanzement ze preziséieren.

Et geet drëms, net nëmmen de Finanzement vun engem terroristeschen Akt ze bestrofen, mä och dee vun engem Terrorist oder vun enger terroristescher Organisatioun, och wann da kee spezifesch Terrorakt gemaach gouf respektiv kee Lien mat esou engem Akt bestannen hätt.

De Finanzement vum Terrorismus ass strofbar, wann d'Intentioun nogewise gouf, dass dës Finanzement wëssentlech als Zil eng terroristesch Infractioun hat, och wann et net zu engem Terrorakt koom.

Ënner Finanzéierung falen all Modes de paiement...

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieten, nozelauschteren!

► **Mme Christine Doerner** (CSV), *rapportrice*.- ...oder soss all materiell Ënnerstëtzung. De Conseil d'État huet iwwerengs all dës Amendementer ugeholl. Mir wëllen der New Yorker Konventioun fir d'Bekämpfung vum Terrorismus an eiser Léislatioun Rechnung droen.

Ech kommen zum Schluss. Mat Hëllef vun dësem Risikostrofrecht soll versicht ginn, potenziell Terrorgefaren ofzewieren. Mä d'Rechtsnorme ginn net duer. Si mussen verbonne si mat enger gesellschaftspolitischer Strategie géint d'Ausgrenzung, an zwar am Dialog mat all de Kulturen, déi sech eventuell duerch d'Globaliséierung an hirer Dignitéit bedroht fillen. Dat ass och eis gemeinsam Verantwortung.

Mir kënnen dës Projet stëmmen. An ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Doerner. An da kritt d'Wuert den Här Urbany.

Discussion générale

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- D'Madame Doerner huet elo vill vu graven terroristeschen Akte geschwat, déi kee vun eis wëllt. Et feelt zwar „de Bommeleeër“ zu Lëtzebuerg oder „d'Bommeleeër“ zu Lëtzebuerg an där Opzielung!

Dat Terrorismusgesetz hei kann awer ganz gutt benotzt ginn, well et esou vag formuléiert ass, fir et op all méiglech Situatiounen auszudehnen, déi net eventuell an d'Konzept vun enger Regierung oder vun engem Stat passen, ouni dass se gewaltsam Aktiounen duerstellen an d'Sécherheet vun de Leit a Fro stellen.

Mir haten d'Diskussioun bei deem Gesetz 2003 hei an der Chamber. Ech war selwer do derbäi. Iwwerengs fannt Der erëm an deem Text, deem eis virläit, dass d'Untersuchungsriichter en insitéieren op d'Définition précise des infractions. Eng Définition précise des infractions ass hei net do!

Et ass méiglech hei, wann een eng Strofdot begaangen huet, wou op d'mannst dräi Joer als Maximum dropstinn, awer vläicht nëmmen e puer Deeg als Minimumpeine, an da gëtt se en Acte terroriste, dee kriminaliséiert ass, wann een domadder wollt d'Pouvoirs publics dozou zwéngen, «à accomplir ou s'abstenir d'accomplir un acte quelconque». Do kann ee sech vill Situatiounen virstellen.

De José Bové souz a Frankräich am Prisong, well e géint d'genmanipuléiert Felder virgaangen ass.

► **Une voix.**- Neen, net dowéinst!

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Och dowéinst! Och wéinst enger anerer Infractioun, mä och dowéinst. Mä och dowéinst!

(**Interruption**)

Jo, en huet se zerstéiert, deelweis. En huet e puer Déngen erausgerappt aus engem Feld.

Da kann ee sech virstellen Infractiounen, déi bei Streiker virkommen. Et kann ee sech virstellen, wa Leit e Flughafen besetzen, well se sech géint eng Expulsioun zur Wier setzen. Da kann dat... An dat ass net definéiert, wat fir Infractiounen hei gëllen, am Géigesaz zum Ausland. Nämlech an der europäescher Direktiv si ganz kloer nëmme grave Infractiounen definéiert, déi kënnen kriminaliséiert ginn als terroristesch Akten.

Hei ass eng Nébuleuse, wéi de Statsrot deemools gesot huet, eng Nébuleuse vun Infractiounen opgaangen, wou den Här Frieden deemools als Justizminister net konnt soen, wat fir eng Infractiounen iwwerhaupt dorënnerfalen, well et esou eng laang Lëscht ass, déi ee guer net iwwerhaupt kann opstellen.

Wat ass d'Konsequenz dovunner?

Wann esou eppes, wann een eng Regierung zu eppes wëllt zwéngen an et begeet een e klengen Delikt derbäi, wou déi Strofen do dropstinn, da kann een zu 15 bis 20 Joer Réclusioun verurteelt ginn.

Elo kënnt nach derbäi, wann een e Message d'incitation gemaach huet, wann een op den Internet schreift: „Déi houer Kapitalisten, déi déi genmanipuléiert Felder do maachen, do misst een emol eppes dergéint ënnerhuelen.“, an et ënnerhëlt eng Gruppéierung eppes dergéint, da gëtt deem, deem dat an den Internet geschriwwen huet, eventuell enger Peine vu 15 bis 20 Joer Réclusion criminelle ënnerworf.

Ech wëll drun erënneren, Här President, dass 2003 hei eng Manifestatioun virun der Chamber war, wéi mer dat do ugeholl hunn. Ech wëll drun erënneren, dass deemools d'LSAP, déi gréng an déi Lénk gefuerdert hunn, dee Projet vun der Dagesuerdnung ze huelen. Ech wëll och drun erënneren, dass déi dräi Parteien dergéintgestëmmt hunn. An ech erwaarde mer eigentlech, dass elo datselwecht geschitt.

Ech kann net verstoen, dass dat hei e Modell Null ass, e Basismodell, wou ee keng Riedezäit dozou huet. Dat hei ass e ganz gravé Projet, dee ganz viles vun de Libertés publiques a Fro stellt an dem Stat eng ganz Panoplie vu Méiglechkeete gëtt, fir a gewässe Fäll virzegoen, déi absolut näischt mat Baader-Meinhof an näischt mat gewaltsamen Attentater an och näischt mat Bommeleeër...

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir misst awer elo zum Schluss kommen!

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- ...an och näischt mat Bommeleeër ze dinn hunn, déi awer vläicht vill dermat ze dinn hunn och mat de Methode vum Service de Renseignement. Well dee kann nämlech och enquêter zu terroristeschen Akten, wat säi Feld onwahrscheinlech kann ausweiden. Dat ass eng aner Diskussioun, déi mer amgaange sinn ze féieren.

Also, ech géif wierklech hei en Appell maachen, entweder nach eng Kéier dee Projet hei zréckzezéien an och eppes ze änneren an der Definition vum Terrorismus, wat deemools scho gefuerdert ginn ass, oder hei dergéintzestëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Mä wou ech awer wollt soen: Och bei engem Modèle de base huet all Fraktioun Riedezäit. Also, et ass net esou, wéi en hei gesot huet, datt do keng Riedezäit géif zur Verfügung stoen.

Da kritt de Justizminister d'Wuert.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si mat engem Punkt vum Här Urbany, dat ass awer deen eenzeg, d'accord, nämlech dass et net gutt ass, dass mer zu esou Projeten esou wéineg Riedezäit hunn, well effektiv vill dozou ze soe wär an och vill kontra-diktoreesch dozou ze soe wär.

Elo sot Der mer direkt, wéi vill Minutten ech hunn, dass ech domat duerkommen,...

► **M. le Président.**- Dir hutt zéng Minutten, Här Minister.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- ...well ech effektiv wëll eng Partie Saache soen.

Ech wëll emol fir d'Éischt der Rapportrice, der Madame Doerner, Merci soen, net nëmme fir de Rapport, mä och hei fir déi vill Aarbecht, déi gemaach gouf. Well wann ebe just d'Madame Doerner an den Här Urbany geschwat hunn, huet et hei esou geklongen, wéi wann hei eppes just Lettre à la poste, e Projet vun der Regierung, een eng Konventioun géif iwwerhuelen, déi esou an der Chamberskommissioun duerchgebaatscht gi wär, wat net de Fall ass. Well mer eis effektiv zesummen, d'Regierung an d'Deputéierten insgesamt, vill Méi ginn hunn, fir effektiv hei och an den Detail an an all eenzelt Wuert eranzegoen an ze kucken en Text ze maachen, dee sech dréit an dee wichteg ass.

An dann huelen ech schonn eppes op, wat den Här Urbany gesot huet, fir ze soe Service de Renseignement. Wa mer elo amgaange sinn, hei an der Chamber déi Diskussiounen ze féieren iwwer och zukünfteg Rolle vum Service de Renseignement, a wann dann, wat ech awer esou ëmmer erëm héieren a spieren, gesot gëtt, manner Service de Renseignement, méi normalen Droit pénal a Police a Parquet, jo, da mussen mer awer och esou Gesetzter maachen, déi am Terrorismus der Police, dem Parquet, de Richteeren Kompetenz ginn, fir géint den Terrorismus virzegoen!

An den Terrorismus ass eng Nébuleuse, déi ganz geféierlech ass! A just den Terrorismus, wann en net seriö och vun de juristeschen Instanzen apprëndéiert gëtt, ugegraff gëtt, da mécht e just bei de Leit vill zum Onwee. Well d'Leit dann Angscht kréie virum Terrorismus. A wann d'Leit Angscht virum Terrorismus kréien, da plädéieren d'Leit fir méi Polizei an aner Masuren.

Duerfir ass et fir mech méi wichteg, wa mer soen, mir hätte gäre manner Service de Renseignement, fir Terrorismus nozekucken. Well d'Gefore vum Terrorismus solle mer och zu Lëtzebuerg net ënnerschätzen! Och zu Lëtzebuerg, wat e Land ass, wat eng Capitale européenne ass an eng Capitale financière ass, wat e klengt Land ass mat villen oppene Grenzen, ass net ausgeschloss, dass mer terroristesch Geforen hei hunn.

Also muss een da kucken, ob ee wëllt dergéint virgoen oder net wëllt dergéint virgoen. A wann ee wëllt dergéint virgoen, geschitt dat am beschten am Verband mat anere Staten.

An duerfir ass et wichteg, dass mer hei déi Konventioun, wat eng Konventioun vum Conseil de l'Europe ass.... Fir och dat ze soen! Hei ass de Conseil de l'Europe, dee jo awer, soen ech, wat d'Mënscherechter ubelaangt, nun awer misst au-dessus de tout soupçon stoen. Hei ass eng Konventioun vum Conseil de l'Europe, déi mer hei unhuelen. An dat solle mer och emol eng Kéier hei soen. Hei ass net iergendeng Geheimorganisatioun, déi eis seet: „Maaecht déi doten Texter!“, mä de Conseil de l'Europe selwer. An dat hätt ech och gär hei esou verstannen.

Den Terrorismus ass haut eppes aneschtens, wéi e fréier war, well den Terrorismus ëmmer méi eenzel gëtt. Et sinn ëmmer, an dat huet och eppes..., an ech kommen duerfir op d'Provokatiounsproblematik zréck, ëmmer méi eenzel Leit, wou sech op eemol zum Terrorist beruff fillen. A well et vill manner Gruppe sinn - well hei och eng Kéier Baader-Meinhof gefall ass -, vill manner Gruppe sinn, déi strukturéiert sinn, sinn et ëmmer méi eenzel Leit, déi, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, terroristesch Akte beginn.

An duerfir, soen ech, sinn awer fir mech dräi Saachen hei an dësem Text wichteg. Dat Éischt ass dat vun dem Groupe terroriste. «Un groupe terroriste, l'association structurée d'au moins deux personnes, établie dans le temps,...» - well haut mam Internet kënnen déi egal wou an der Welt setzen an egal wou an der Welt matenee kommunizéieren - «établie dans le temps, en vue de commettre de façon concertée un ou plusieurs actes de terrorisme.»

Da kommen ech - ier ech vum Finanzement schwätzen, iwwert dee wëll ech awer och nach e Wuert verléieren - op den Acte de provocation zréck. Mir wëssen awer ganz genee, dass



notamment... Elo huelen ech nëmmen deen Deel. Ech wëll net verstane gi wéi wann nëmmen dat, deen Deel eng den Terrorismus géif duerstellen op der Welt. Den islamisteschen Terrorismus ass een Deel vum Terrorismus. Et gétt vill Zorte vum Terrorismus, vu léns bis riets, iwwerall Zorten. Mä mir wëssen awer genee, dass den islamisteschen Terrorismus ënner anerem duerch Internetsitë provozéiert gëtt, wou da Leit op eemol duerch déi Internetsitë sech beruff fillen, fir da selwer e Märtyrer ze ginn.

Duerfir ass deen Acte de provocation... An do widdersprieche ech dann, wéi gesot, ech hu jo gesot, bis op den éischte Punkt géif ech net dem Här Urbany widdersprieche, mä op deem Punkt muss ech em widdersprieche. Et ass wichteg, dass mer hei deen Acte de provocation definéieren, fir eben och kënne och do, ab deenen Internetsitë selwer, schonn ze kucken, dass mer net op eemol Leit hunn, déi hei mengen, si wäer beruff, dann och hei zu Lëtzebuerg oder iergendwou an Europa Märtyrer ze spillen.

An dat Drëtt, wat fir mech awer wesentlech ass, fir e Minister, dee vill vu senger Gesondheet agebéisst huet mat lech zesummen, an Dir hutt Är Gesondheet net agebéisst, mä mir hunn awer zesumme virun zwee Joer hei e Gesetz gemaach géint Blanchiment an allen Zorten, wou mer hei am Oktober virun zwee Joer da heite gemaach hunn. Just Lëtzebuerg als Place financière huet all Intérêt, och hei déi Dispositiounen ze hunn, dass egal wat kéint iwwer eng Place financière Lëtzebuerg zum Finanzement vum Terrorismus bäidroen, dass mer do radikal dergéint virginn.

An duerfir mengen ech, dass dat heiten, och wann elo net vill driwwer geschwat ginn ass - an, Här President, ech schenken lech dann erëm fënnf Minutten, déi Dir mir virdru geschenkt hutt, awer beim nächste Gesetz net méi, do kritt Der näischt méi geschenkt -, wëll ech da just soen, dass ech der Meinung sinn, dass dat heiten e wichtigen Text ass, e wichtigen Text och, fir d'Seriositéit vu Lëtzebuerg dobaussen duerzustellen, dass mer am Kader vun enger Konventioun vum Conseil de l'Europe hei kucken, eis déi juristesche Mëttelen ze ginn, dass Polizei, Parquet a Justiz kënne hei virgoen, dass net Lëtzebuerg iergendwéi kéint an d'Émfeld vun engem Terrorismus kommen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder wiere mer och um Enn vun...

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Parole après ministre!

► **M. le Président.**- Jo, Här Urbany. Neen, Här Urbany, Dir hutt awer keng Zäit méi!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Parole après ministre!

(Interruptions et hilarité)

► **M. le Président.**- Oder Parole après ministre, da sot zu...

► **Une voix.**- En ass iwwer zwou Minutten iwwert d'Zäit!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Den Här Minister huet selwer gesot, et wier e wichtigen Thema.

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Neen, mä Dir musst awer soen.... Neen, mir hunn awer e Règlement, Här Urbany. Dir kënnt awer net einfach hei eropkommen an d'Wuert froen. Da sot, ass et Parole après ministre oder wat?

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Parole après ministre.

► **M. le Président.**- Da regle mer eis hei.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dann hätt Der mer d'Wuert virdru sollen huelen. Parole après ministre ass fënnf Minutten. Et deet mer leed. Ech wëll Parole après ministre huelen!

► **M. le Président.**- Gutt, dann huet Parole après ministre! Da sot eis dat, wann Der hei opstitt, datt mer dat wéinstens wëssen!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech mengen, dass.... Ech wëll och net déi fënnf Minutten ausnotzen. Ech fannen, dass et eng falsch Duerstellung ass, fir ze soen, de Conseil de l'Europe, wat jo en honorabele Gremium ass, zwingt eis dozou, dat heiten unzuhuelen am Kader vun der Bekämpfung vum Terrorismus, vum wirklechen Terrorismus, vun där Bekämpfung ech och d'Ziler deelen.

Et geet net dodrëms. Et geet drëms, dass dat, wat de Conseil de l'Europe hei virschléit, sech grefféiert op eng Gesetzgebung, déi 2003 hei agefouert ginn ass an déi eng nébuleuse Definition vun den Akte virgesäit, déi ënnert Terrorismus, déi als terroristesche kriminell Akte kënne qualifizéiert ginn. Dat ass de Problem.

Deemools hate mer d'europäesch Direktiv, opgrond vun där mer d'Gesetz vun 2003 gemaach hunn, déi europäesch Direktiv huet eng ganz limitéiert Zuel vun Akten, vun Infractiounen, vun Infractiounen de droit pénal virgesinn, eng ganz limitéiert Zuel vu ganz schlimmen Akten, Kierperverletzungen, Mord an esou weider. Dat fällt ënnert d'Definition vun der Madame Doerner vu Baader-Meinhof an esou weider. Dat ass do ganz kloer dra virgesi gewiescht.

Den Här Frieden ass deemools vill méi wäit gaangen, an dat ass kritiséiert ginn. Den Här Frieden huet gesot, all Infractiounen am Droit pénal, déi e gewësse Kritär erfëllen, och wann nëmmen e puer Deeg Prisong dropstinn, falen ënnert déi Definition. Hei kënne kriminaliséiert ginn, wa se mat där zousätzlecher Konditioun verbonne sinn, dass se gemaach gi sinn, fir de Stat zu iergendeppes ze zwängen oder fir de Stat dozou ze zwängen, vun iergendenger politescher Décisioun Ofstand ze huelen.

Dat heescht, relativ harmlos Saachen, ech hu se virdru opgezielt, déi kënne passéieren, och bei gesellschaftlechen Aktiounen dobaussen, wa Leit a Bewegung sinn a rose sinn, Saachen, déi do kënne passéieren, kënne esou an deem Sënn kriminaliséiert ginn, dass 15 bis 20 Joer Réclusion criminelle dropsteet. Dat ass den eigentleche Problem hei. Dat ass de Problem!

A wann dann och nach en aarmen Däiwel eppes an den Internet schreift, da gëtt en och nach als Hetzer, als Hetzer an déi Richtung ugesinn! An da kritt en déiselwecht Strof, déi Strofe ginn him hei imposéiert. Dat war bestëmmt net d'Absicht vum Conseil de l'Europe!

Ech wëll lech dat just an d'Gewësse ruffen. Stëmmt wann ech gelift net dee Projet heil!

► **M. le Président.**- Sou, Merci. Domadder ass d'Diskussioun awer elo definitiv...

Den Här Justizminister wëllt nach eng kéier äntwerten. Här Justizminister, kuerz, wann ech gelift!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech hu verstanen, dass et de Wëlle vun der Chamber ass, dass ech net méi Stellung huelen. Ech hätt allerdéngs relativ vill drop ze äntworten. Ech maachen dat dann net, aus Respekt virun der Chamber.

► **Une voix.**- Merci!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6388 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6388 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, géint 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes (par M. Lucien Clement), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydia Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes.

Ont voté non: M. Jean Colombara;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 6441, Amendement zum Statut de Rome vun der Cour pénale internationale. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Bis elo huet sech kee Riedner ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den

Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

6. 6441 - Projet de loi portant approbation des amendements apportés au Statut de Rome de la Cour pénale internationale par la résolution RC/Res.5 et par la résolution RC/Res.6 adoptées à la Conférence de révision du Statut de Rome de la Cour pénale internationale, à Kampala, les 10 et 11 juin 2010

Rapport de la Commission juridique

► **M. Paul-Henri Meyers** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch de Projet 6441 gëtt de Statut vun dem Internationale Strofgericht vu La Haye ofgeännert. Lëtzebuerg huet deem Statut duerch d'Gesetz vum 14. August 2000 zougestëmmt. Den Artikel 123 vun deem Statut gesäit vir, dass deeselwechte Statut no siwe Joer an enger internationaler Konferenz kann examinéiert ginn an dass do eventuell kënne Nobesserunge proposéiert ginn.

Dat ass geschitt duerch d'Konferenz, déi stattfonnt huet zu Kampala am Uganda, den 10. an 11. Juni 2010. Op där Konferenz sinn och zwou Resolitiounen presentéiert ginn, fir de Statut op zwee wichtige Punkten ofzeänneren, an zwar den Artikel 8 ass ofgeännert ginn an et ass en Artikel 8bis an och Article 15bis a 15ter bäigefügt ginn.

Déi éischt Resolitioun gesäit vir, dass d'Lëscht vun de Strofdoten ëm dräi Elementer ergänzt gëtt. An zwar sinn am Krichsfall als strofbar unzegesinn de Gebrauch vu Gëft oder vergëfte Gasen, de Gebrauch vu Gëftgas an ähnlech Procédées, an de Gebrauch vu Kugelen, déi sech am Kierper vum Affer kënne ausdehnen.

Duerch eng zweet Resolitioun, déi zu Kampala ugeholl ginn ass, ginn, wéi gesot, d'Artikelen 8bis, 15bis a 15ter bäigefügt. Den Artikel 8bis stellt u sech eng ganz grouss Neierung duer, well e qualifizéierten Ugrëff vun engem Land op een anert Land ass en internationale Crime, deen och virun d'Kompetenz vun der Cour pénale internationale gehéiert.

Et ass interessant vläicht, fir e puer Sätz aus deem Artikel 15bis rauszuhuelen. Wat ass eng Aggressioun? Wat ass een Ugrëff vun engem Land op een anert? Dat sinn eng ganz Rei vu Faiten. Et ass net nëmmen d'Invasioun vun deem Land, mä et ass och de Bombardement vu baussen, et ass de Blocage vun den Häfen vun deem Land. Et ass, ënner anerem, och de Fait, dass een anert Land säin Territoire zur Verfügung stellt, fir den Ugrëff ze preparéieren oder duerchzuféieren. Et ass och de Fait, dass een net nëmmen Truppen, mä eventuell Mercenaires oder aner Gruppen, irregulär Truppen an dat Land schéckt, déi och krichsähnlech Akte kënne do virhuelen.

Déi Definition vun der Aggressioun geet also wäit iwwert dat eraus, wat ee kéint mengen, wann een dat liest, wat domat gemengt wier.

D'Article 15bis a 15ter regelen d'Prozeduren, an do ass ënner anerem och virgesinn, dass déi Bestëmmung vun der Aggressioun oder vum Ugrëff op en anert Land nëmmen a Kraaft kann treden, wann 20 Länner, déi de Statut approuvéiert hunn, och déi do Ofännerung ratifizéieren. Lëtzebuerg huet, duerch e Gesetz vum 27. Februar 2012, d'Incriminationen, wéi se virgesi sinn hei, schonn an de Code pénal iwwerholl. Mir hu bei där Geleeënheet de Statut ganz iwwerholl. Mir hunn domat och de Lëtzebuerger Gerichter erlaabt, dass se selwer hei kënne Faiten, déi an deem Statut virgesi sinn, ofuer-teelen, dass och Leit, international gesichte Krimineller, och hei zu Lëtzebuerg kënne ofgeuer-teelt ginn.

Fir elo ze erlaben, dass och um internationale Plang déi Ofännerunge kënne a Kraaft treden, mussen, wéi gesot, 30 Länner, déi de Statut approuvéiert hunn, och den Text ratifizéieren. Duerfir ass et och wichteg, dass Lëtzebuerg déi Ofännerung ratifizéiert an där Form, wéi se an deenen zwou Resolitiounen virgesi sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, zënter der Zäit, wou international Crimen onstrofbar waren, bis zu der Schafung vun dem Internationale Gerichtshaff vu La Haye, ass vill Zäit vergaangen. An et huet och laang Zäit nom Zweete Weltkrich gebraucht, bis d'Länner bereet waren, fir déi Cour internationale pénale ze schafen. Wann och déi Rechtsnormen op deem Plang net perfekt sinn, wa se musse verbessert ginn, notament duerch déi Resolitiounen, déi mer haut unhuelen, da stellt awer de Fait, dass esou en Internationale Gerichtshaff besteet, och an deem Punkt en enorme Fortschritt duer! An ech mengen, eist Land, wat derfir antrëtt, datt och um internationale Plang esou Rechtsnorme bestinn, deet och gutt drun, fir deene Resolitiounen hei séier zouzestëmmen.

Duerfir géif ech och d'Chamber bieden, déi Texter vun dem Dokument 6441 an där Form unzuhuelen, wéi se virgesi sinn. Ech kann och soen, dass d'Kommissioun, d'Commission juridique, eestëmme dem Rapport an och dem Text zougestëmmt huet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Et ass kee Riedner agedroen. De Justizminister.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si mer bewosst, dass d'Chamber nach Projeten huet an a gehobener Stëmmung och waart, dass mer fäerdeg sinn fir dëst Joer. Ech wëll och duerfir kuerz bleiwen.

Et deet mir just ëmmer leed, dass all kéier, wann et ëm juristesche Projete geet, dass mer dann hei ganz kuerz driwwer schwätzen, och well no laanger Diskussioun keng reell Diskussioun méi ass. D'Cour pénale internationale ass awer eng wichteg Saach, wa mir gären hätten, dass och an der Welt Crimé géint d'Mënscheit bekämpft ginn. An och do soen ech, wat d'Cour pénale internationale ugeet, dass ech frou sinn, dass mir elo all kéier dat maachen, wat virgeschloe gëtt.

Den Här Paul-Henri Meyers huet et gesot, dass eis och eng, wann ech op d'Verfassungsdebat virgräifen, Här Meyers, wou mer zum Beispill eng besonnesch Dispositioun och hunn, wat de Statschef ubelaangt, an eiser Verfassung, mä wou et... Ech mengen, dass nach vill international ze dinn ass. Mech huet relativ gestéiert an där leschter Zäit, an et war viru kuerzem, dass ech gelies hunn, dass ee Generol, deen am Kader vun de Jugoslawien-Kricher ugeklot war - wou Kroatien viru Jore gesot kritt huet: Dir dierft net Member gi vun der EU, wann Dir net alles maacht, fir deen auszeliwweren -, dass deen awer elo fräigesprach gouf. An dat sinn awer Saachen, wou ech soen: Mir sinn nach net au bout de nos peines!

Ech hunn de Moien op RTL d'Noriichte vu virun 20 Joer héieren, wou do geschwat gouf vun deene Crimen, déi déi Zäit an Ex-Jugoslawien géint d'Frae geschitt sinn, wou d'Fraen do massiv violéiert goufen, wat en Element war, fir Terror ze maachen an deem Krich. An ech mengen duerfir, dass een och... Dat ass nach net esou laang hier, 20 Joer. Et ass kee vun eis méi jonk wéi 20, also, dat ass eppes, wat mir all matkritt hunn, an ech mengen, dass et duerfir wichteg ass, dass mir dat heiten net einfach als techesch Projete ofdinn, mä dass mer dat als wesentleche Schrëtt gesinn, fir och weltwäit Leit ze schützen géint Terrorismus, géint Absolutismus a géint Krich. An duerfir sinn ech frou, dass mer dese Projete hei stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. An domadder wiere mer och um Ofschloss vun der Diskussioun iwwert dese Projete a mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6441 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6441 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes (par Mme Nancy Arendt), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydia Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.